



N° 5821
Reçue le 25.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.02.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Interieur weiderzeleeden.

De Méinden 21ten Februar huet Tageblatt bericht, dass d'Internetsäit vu Meteolux e puer Minutten nom Ausruffe vun der Alerte Rouge wéinst staarke Wandstéiss net méi erreechbar war. Laut Meteolux louch dësen Ausfall un enger Iwwerlaaschtung vum Server. Schon d'lescht Joer während den Iwwerschwemmungen am Juli koum et zu technesche Problemer beim Site.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, dass d'Site Meteolux op e staatleche Server migréiert gëtt? Wa jo, wat fir ee konkreten Zäitplang ass hei virgesinn? Wa nee, firwat net?
2. Wat fir Schrëtt wäerte geholl ginn, fir d'Ofstierze vum Site vu Meteolux an Zukunft ze verhënneren?
3. Laut Tageblatt schafft d'Regierung un enger Meteo-App duerch déi si sech eng méi effizient Kommunikatioun erhofft. Dës App kann awer natierlech nëmme vun deene benotzt ginn, déi ee Smartphone mam néidegen Internetzougang hunn. Denkt d'Regierung net, dass prioritär misst gekuckt ginn, fir d'Leit am Noutfall iwwert SMSen z'erreechen an d'"Gouvalert"-App ze verbessern?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten, vun der Inneministesch a vum Delegierte Minister fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 5821 vum 24. Februar 2022 vum Här Deputierte Sven Clement a vum Här Deputierte Marc Goergen.

No der Pann am Juli 2021 ass eng Backuppléisung fir déi aktuell Websäit amgaang ageriicht ze ginn, fir d'Ofhängegkeet vun der Hosting-Firma ze minimiséieren. Duerch e reegelméissege Stresstest um aktuelle Server sollen eventuell Problemer fréi genuch an ier se akut ginn, erkannt ginn.

Zousätzlech leeft zënter 2021 téscht der Administration de la navigation aérienne (ANA) an dem Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) e Projet fir eng robust Léisung ëmzesetzen an de Site vu Meteolux nei opzebauen. De CTIE këmmert sech hei em d'Architektur an den Hebergement vum neie Site.

De Projet fir d'Verbesserung vun der GouvAlert-App an der Warnung vun der Populatioun am allgemengen ass eng Prioritéit vun der Regierung. D'Zil am Kader vun der Reform vum Warnsystem ass, de staatleche Verwaltungen e performante System zur Verfügung ze stellen, deen hinnen erlabe wäert, d'Populatioun bei Geforen adequat z'alertéieren, dëst iwwer multipel Kanäl, wei d'App, en SMS oder nach de "Cell Broadcast".

Wéi beim Stuerm am Februar ze gesi war, si schonn éischt Optimiséierung vum System ëmgesat ginn. Zu dem Moment konnt d'Bevëlkerung ewell multikanal (GouvAlert an SMS) iwwert déi potentiell Gefor informéiert ginn.

D'Meteolux-App ass hirersäits vun der ANA initiéiert ginn. De Sënn an Zweck vun dëser App ass et, allgemeng Meteo Informatiounen a Klimadonnéë vu Meteolux méi no bei de Bierger ze bréngen. An dësem Kader ginn och Meteo Alerte mat publizéiert, als zousätzlech Informatiounen zu deenen, déi iwwer aner Kanäl erausgeschéckt ginn.

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch